N°3217
Entrée le 20.11.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 21.11.2025
Chambre des Députés

PIRATEN

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 20/11/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Sozialversécherung weiderzeleeden.**

An der Äntwert op d'Fro 4 a menger parlamentarescher Fro n°2878 huet d'Madamm Minister eng Lëscht vun de Prestatairë genannt, déi am Kader vun de leschte Verhandlungen net de Maximum vun der eventuell méiglecher Valeur lettre-clé accordéiert krut hunn. Dës Lëscht enthält follgend Beruffer:

- Diététiciens
- Infirmiers
- Orthophonistes
- Psychomotriciens
- Sages-femmes
- Soins palliatifs

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Ass d'Valeur lettre-clé vun deenen uewe genannte Prestatairen indexéiert?

2. Falls jo, wéi erkläert d'Regierung, dass Prestatairë, deenen hir Valeur lettre-clé schonn indexéiert ass, eng zousätzlech Augmentatioun vun der Valeur lettre-clé kréien, wärend d'Laboen, deenen hir Valeur net indexéiert ass, mol net d'Kompensatioun fir d'Käschtenerhéijungen (wéi den Index op d'Salairen an d'Hausse vun de Käschten duerch d'Inflatioun) kréien, mee am Géigendeel souguer eng Reduktioun vun 10% mussen hinhuelen?

3. Wéi justifiéiert d'Regierung dës Praxis am Interessi vun enger qualitativ héichwäerteger Versuergung vun de Patienten?

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés

piraten.lu
PIRATEN

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés